

Lëtzebuerg, den 23. Januar 2019

UPDATE ZUM JORESUFANK

Léif Membere vun der Féduse/Enseignement-CGFP,

Zum Joresufank wëlle mir iech een Update zu deenen Dossiere ginn, un deenen de Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP aktuell prioritär schafft, an déi mir an eise leschte Reunioun mam Educationnsminister a senge Verrieder diskutéiert hunn.

Hei déi eenzel Sujeten am Iwwerbléck :

- 1) Regulariséierung vun der Karriär vum Candidat-Professeur an Opwärtung vun der Karriär E7 am allgemengen**
- 2) Formation continue an Accès zum Echelon 14**
- 3) Bewäertungsgespräicher**
- 4) Zäitspuerkont (CET)**
- 5) Deelzäitaarbecht**
- 6) Iwwerstonnen**
- 7) Postes à responsabilités particulières fir Candidats-Professeurs**
- 8) Ofschafe vun 80/80/90 an Erhéijung vum Iessensgeld**
- 9) Stage**
- 10) Indemnisioun vun de Rédacteurs - Experts**

1) Regulariséierung vun der Karriär vum Candidat-Professeur an Opwärtung vun der Karriär E7 am allgemengen

An eise Communiquéen aus dem Joer 2018 hu mir déi staark Benodeelegung vum Candidat-Professeur ausféierlech beschriwwen a kritiséiert. Et gëtt héich Zäit, dass dëser Ongerechtegkeet een Enn gesat gëtt! **D'Regulariséierung vum Candidat-Professeur an eng allgemeng Opwärtung vun der Karriär vum Professer E7 sinn eis iewescht Prioritéit fir déi aktuell Legislaturperiod.** Dofir hu mir dem Educatiounsminister a seng Verrieder eis Fuerderungen a Léisungsvirschléi nach eng Kéier onmëssverständlech virgedroen a wäerten op kee Fall labber loossen. De Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP wäert och drop bestoen, fir esou séier wéi méiglech eng Entrevue mam neie Minister vun der Fonction publique, Marc Hansen, ze kréien.

2) Formation continue an Accès zum Echelon 14

Wéi dir an eise Communiqué vum 5. November 2018 noliese kënnt, stellt sech laut dem aktuelle Gesetzestext de Problem, dass d'Enseignanten aus der E-Karriär ab dem 1. Oktober 2020 **180 Stonne Formation continue** mussen virweisen, fir den **Echelon 14** vun hirem jeeweilege Grad z'erreechen an z'iwwerschreiden. De geneeën Zäitpunkt vum Erreeche vum Echelon 14 hänkt staark vum individuelle Karriärsparcours vum jeeweilegen Enseignant of. Fir de Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP ass et ganz kloer, **dass keen Enseignant, deen déi senger Tâche entspriechend Mindestzuel u FoCo-Stonne Joer fir Joer gelescht huet, a senger Karriär däruf blockéiert ginn!** Dofir si mir frou, dass d'Verrieder vum Educatiounsminister dëst och esou gesinn an dowéinst scho bei der Fonction publique intervenéiert sinn, fir gemeinsam no enger Léisung ze sichen.

3) Bewäertungsgespräicher

Wéi mir an eise Communiqué vum 22. November 2018 matgedeelt hunn, goufen d'Bewäertungsgespräicher no eiser fundéierter a sachlecher Interventioun beim MENJE op Äis geluecht. Et wäerten och weiderhi keng Bewäertungsgespräicher stattfannen, esoulaang déi juristesche Situatioun net endgülteg gekläert ass. Amplaz eis weiderhi mat juristeschen Interpretatiounsdivergenzen opzehalen, fanne mir et méi sënnvoll, eis gemeinsam mat eise Daachverband CGFP fir d'**Ofschaafe vum Bewäertungssystem** anzesetzen!

Heizou sief nach gesot, dass d'CGFP op kee Fall verantwortlech fir d'Afféiere vun dësem Bewäertungssystem ass, ganz am Géigendeel. Déi deemoleg Regierung hat nämlech de politesche Wëllen, dëse Bewäertungssystem vill méi heefeg anzesetzen an d'Resultater vun den Appréciatiounsgespräicher sollten een direkten Afloss op de weidere Karriärsverlaf vum jeeweilegen Agent hunn. **No laangen an zéie Verhandlung war et der CGFP deemools gelungen, dass eng ganz staark ofgeschwächte Versioun vum ufanks ugeduechte Bewäertungssystem am Gesetz zréckbehale gouf.**

4) Zäitspuerkont (CET)

Wéi dir sécherlech wësst, gëtt et an der Fonction publique säit dem 1. Oktober 2018 de sougenannten Zäitspuerkont, fir den sech d'Féduse als Ënnerorganisatioun vun der CGFP

Joerzénge staark gemaach hat. Dëse revolutionäre „Compte épargne-temps“ gëllt selbstverständlech och fir eis Enseignanten. Jidder Enseignant däerf säit dësem Schouljoer selwer entscheiden, wéi vill vu sengen Iwwerstonnen hie wëll als Provisioun ausbezuelen kréien a wéi vill hie wëll als Zäit uspueren (bis maximal 20 % vun der Basistâche). Een informatéschen Outil zur Gestiou vum CET, gekoppelt un den UNTIS, gëtt aktuell programméiert. Déi ugespuerten Zäit ka jidder Enseignant sech zu engem spéideren Zäitpunkt a Form vun enger Décharge bis hin zu enger ganzer Année sabbatique ausbezuele loosse. Wärend d'Modalitéite vum Abezuele méttlerweil alleguer dierfte gekläert sinn, **bestinn nach eng Rei Onkloerheete bei de Modalitéite vum Ausbezuelen, déi mir am konstruktiven Dialog mam Educatiounsministère kläre wäerten.**

5) Deelzäitaarbecht

Säit Mee 2018 gëlle jo och nei Reegele fir den « Travail à temps partiel », deen duerch d' Aféiere vun neie Palieren flexibiliséiert gouf. Wéi mir schonn an eisem Communiqué vum 8. Oktober 2018 geschriwwen haten, ginn d'Palieren 70 % an 80 % fir eis Enseignanten aus techneschen Ursachen net accordéiert. Och wa mir dëst deelweis novollzéie kënnen, hu mir de Verantwortleche kloer gemaach, dass onofhängeg dovun **schnellstméiglechst eng eenheetlech Regelung muss fonnt ginn, fir sécherzestellen, dass Enseignanten an Deelzäit just een absolute Minimum un Iwwerstonne leeschte mussen.**

6) Iwwerstonnen

Zum Dossier Iwwerstonnen hu mir eis Fuerderung erneiert, dass dës endlech sollen **ouni Facteur réducteur (36/52) a mat normalem Koeffizient berechent ginn**, genau wéi déi regulär Stonnen. Schliisslech handelt et sech jo dobäi ëm eng **Surtâche** vu méi Klassen an net just ëm méi Zäit fir déi normal Tâche, fir déi een agestellt ass a bezuelen gëtt. Et sief drun erënnert, dass mir Enseignante net verantwortlech dofir sinn, dass mir iwwerhaupt dës Surtâchen hunn, mee mussen si akzeptéieren, fir de Schoulbetrib um Lafen ze halen. **Dofir kann et net sinn, dass mir fir dee geleschte Méiopwand een däitlech méi niddrege Loun kréien, wéi fir eis normal Stonnen!**

7) Postes à responsabilités particulières fir Candidats-Professeurs

Säit enger Gesetzesännerung vum 15. Mee 2018, fir déi d'Féduse/Enseignement-CGFP sech laang agesat hat, **hu jo endlech och d' Candidats-Professeurs Urecht op déi sougenannten « Majoration d'échelon pour postes à responsabilités particulières »**. De Comité hat ëmmer erëm insistéiert, dass dës och misste réckwierkend op den Datum vum Akraaftriede vum Gesetz ausbezuelen ginn, an net eréischt ab dem Moment, wou d' Verwaltung dozou komm ass, d' Arrêteen ze schreiwen. Mir si frou iech kënne matzedeele, dass **déi betraffe Kolleginnen a Kollegen elo endlech den entsprecheden Arrêté kritt hunn, datéiert op de Mee 2018. De Recalcul heizou dierft also mat enger vun deenen nächste Paien ausbezuelen ginn.**

8) Ofschafe vun 80/80/90 an Erhéijung vum Iessensgeld

Déi nei Regierung huet ugekënnegt, dass si um Accord salarial tëscht der leschter Regierung an der CGFP festhale wäert. Dëst bedeit ënnert anerem, dass déi ominéis **80/80/90 - Reegel** wäert **komplett ofgeschafft** ginn. Den entsprechede Gesetzesprojet ass leider ëmmer nach net

finaliséiert an dowéinst och nach net um Instanzewee. Genee wéi eisen Daachverband CGFP fuerdere mir, dass dëst esou séier wéi méiglech soll ëmgesat ginn. Déi betraffe Kolleginnen a Kollege Stagiairen, egal ob Fonctionnaire oder Employé(e), kënnen sech awer sécher sinn, dass **dëst Gesetz retroaktiv op den 1. Januar 2019 wäert applizéiert ginn! Genee datselwecht gëllt och fir d'Iessensgeld, dat säit Januar 2019 ëm 60 Euro erhéicht, awer nach net ausbezuelt gouf.**

9) Stage

Am selwechten Accord salarial gouf jo och festgehalten, dass d'**Dauer vum Stage** an der Fonction publique am Prinzip **vun 3 op 2 Joer erofgesat** soll ginn. Dëst soll och fir den Enseignement secondaire gëllen. Well d'Erofsetze vun der Stagedauer awer een Impakt op d'Organisation an den Inhalt huet, mussen dës nach am Detail op de Leescht geholl ginn. Fir de Moment ass nach net gewosst, wéi dee „neie“ Stage am Enseignement secondaire genee wäert ausgesinn a wéini e wäert ulafen. **De Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP huet jiddefalls onmëssverständlech gefuerdert, an d'Gesprécher zur Reform vum Stage enk mat agebonnen ze ginn!**

10) Indemnisation vun de Rédacteurs - Experts

Säit zwee Joer ginn d'Questionnaire fir d'Ofschlossexame jo vu jeeeweils véier Professere pro Fach opgestallt an expertiséiert. Wärend déi sougenannte Rédacteurs-Experts hir Zäit, déi si fir d'Expertise benéidegen, pro Stonn deklaréiere kënnen, sou gëtt d'**Opstelle vum Questionnaire inklusiv dem Corrigé-barème mat enger pauschal Indemnitéit vu lächerleche 67,76 € brutto indemniséiert.** De Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP fuerdert, dass och den Zäitopwand fir d'**Rédaction** vu staark usprochsvollen a qualitativ héichwärtigen Examensquestionnaire **soll kënnen pro Stonn deklaréiert ginn. Ausserdeem fuerdere mir, dass de Stonneloun vun dëser héichqualifizierter Aarbecht** hirer wichtiger Bedeutung entspriechend **no uewen ugepasst gëtt.**

Mat beschte Gréiss,

de Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP

<http://www.feduse.lu>

<http://www.facebook.com/FeduseCGFP/>

<http://www.cgfp.lu>